



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 15. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser

## MOTIOUN

D'Chamber

- ass intresséiert un der Aarbecht vum Conseil de l'Europe an also och un där vun der "Commission Européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI)", déi eent vu ville Gremie vum Europarot am Beräich vun de Mënscherechter ass;
- huet Kenntnis geholl vum "Rapport de l'ECRI sur le Luxembourg" (cinquième cycle de monitoring), deen de 6. Dezember 2016 ugeholl an den 28. Februar 2017 publizéiert gouf;
- stellt fest, datt dee Rapport gläich op e puer Plazen ënnersträicht, datt déi lëtzebuergesch Justiz d'Strofrecht op eng wäit Manéier interpretéiert, z. B. esou "*En même temps, l'ECRI constate avec satisfaction que les tribunaux interprètent les dispositions sur l'incitation à la haine d'une manière large.*";
- erënnert, datt et e Grondprinzip am Rechtswiesen ass, dat den "Droit pénal d'interprétation stricte" ass an, am Intressi vun der Rechtssécherheet, net därerf a soll op eng méi wäit Manéier interpretéiert ginn ("principe de légalité en droit pénal");
- ass besuergt iwwer déi Tendenzen an eiser Gesellschaft, déi, am Widdersproch vun eiser Verfassung, eng Zensur wëlle justifiéieren;
- ass beonrouegt iwwer ëmmer méi wäitgoend Iwwerinterpretatiounen vun esou Begrëffer wéi "Diskriminéierung", "Opruff zum Haass", an esou virun, déi eng de facto-Zensur probéieren ze justifiéieren;
- wëllt all Aschränkung vun der Meenungsfräiheet esou wäit wéi méiglech an eiser fräier, pluralistescher an demokratescher Gesellschaft verhënneren.

D'Chamber fuerdert de Justizminister dowéinst op:

- fir de Respekt vum Artikel 24 vun der Verfaassung anzestoen an d'Zensur ze bekämpfen;
- am Respekt vun der Onofhängegkeet vun der Justiz dorunner ze erënnere, datt den Droit a besonnesch d'Strofrecht mussen op eng strikt Manéier interpretéiert an applizéiert ginn;
- der Chamber bannent sechs Méint e *Projet de loi* virzeleeën, deen den Artikel 454 an déi duerno vum Strofgesetzbuch, déi d'Restriktiounen vun der Meenungsfräiheet betreffen, esou ofzeänneren, datt si konform zum Artikel 24 vun der Verfassung sinn.